Mertert, den 20. Dezember 2010

CA Mertert
Vrehen Joe
Sekretariat

Léiw Ziichterkolleegen

Den Cercle Avicole Mertert organiséiert den 29. Januar 2011 eng Busrees op d'Bundesrammlerschau op Rheinberg. Well nach Plaz fräi ass, invitéiere mer d'Ziichter vun ärem Veräin härzlech fier eis dobäi ze begleeden. De Bus kascht 625 € fier de ganzen Dâg, déi mer dann enneréneen wärten opdeelen.

Hei as elo nach den ongeféieren Oflâf vum Dâg:

- Départ géint halwer 4 zu Mertert fier em 7 Auer op der Ausstellung ze sin
- Réckfahrt am Nometteg géint 14 oder 15 Auer

Umellen sollt der Iech w.e.g. bis den 16. Januar enner der Nummer 621772692 (Vrehen Joe) oder 748047 (Stemper Gil).

WICHTEG: Wien sech bis den 5. Januar enner enger vun denen 2 Nummeren ugemellt huet, deem kenne mer Entréesbilljéen an e Bong fier e Katalog virbestellen, soudass déijéineg net brauchen an enger Kees ze warden!

Des Invitatioun soll w.e.g. un d'Ziichter aus Ärem Veräin weidergeleed gin.

Den CA Mertert wenscht schéi Chreschtdeeg an e gudde Rutsch an d'Joer 2011.

De Comité vum CA Mertert.